N°2861
Entrée le 09.10.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

**Réponse du Ministre du Travail à la question parlementaire N°2861 du 12 septembre 2025 des honorables Députées Claire DELCOURT et Liz BRAZ concernant le « Congé après fausse couche ».**

**Fro N°1: Wou sinn d'Aarbechten um Gesetzesprojet fir e Congé no Feelgebuerten aktuell drun? Bis wéini ka mat engem Depot an der Chamber gerechent ginn?**

D'Aarbechte vun dësem Gesetzesprojet si gutt avancéiert. Konkret ass en Text ausgeschafft, mee vereenzelt Punkte mussen nach mat aanere Ministèren, respektiv Verwaltungen am Détail gekläert ginn.

Aus dësem Grond kann den Aarbechtsministère fir den Ament nach kee genauen Delai fir den Depot uginn.

**Fro N°2: Wéi eng „weider sozial Moossnamen" wäert de Gesetzesprojet konkret enthalen?**

De Gesetzesprojet wäert verschidden Dispositioune vun existéierende Congéen upassen oder nei Congéen schafen, fir de jeeweilege Situatioune vu jonke Famillen oder vu Salariée besser Rechnung ze droen. Et handelt sech beispillsweis ëm:

- d'Flexibiliséirung vum Congé parental a vum Congé de maternité ;
- d'Aféierung vun engem Congé fir spéit Feelgebuerten, Doutgebuerten a Fréigebuerte mat Doudesfall ;
- d'Iwwerschaffe vum Congé pour raisons familiales, am Interêt vun den Elteren, déi Kanner mat schwéiere Krankheeten hunn ;
- d'Erweidere vum Congé d'aidant op Salariéen, déi zwar net mat der hëllefsbedürfteger Persoun ënnert engem Daach liewen, mee déi awer vun dëser als hir Hëllefspersoun genannt gi sinn.

Luxembourg, le 8 octobre 2025

**(s.) Georges MISCHO**
**Ministre du Travail**